LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse de Monsieur le ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, à la question parlementaire n°3010 du 9 octobre 2025 de Monsieur le député Sven Clement au sujet de la gestion des débris spatiaux**

*„1. Wat ass déi aktuell Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung zu der Diskrepanz am Verhale vun de grousse Weltraumacteuren a Bezuch op d'Generéiere vu Weltraumschrott an der LEO-Ëmlafbunn?"*

Enn 2022 gouf Weltraum-Politik a -Strategie fir d'Joren 2023-2027[1] ugeholl déi op Nohaltegkeet fokusséiert ass. Ee vun de Pilieren dovun ass „Sustainability in Space" woumat Lëtzebuerg sech fir e responsabelt Behuelen am Weltraum engagéiert. Doriwwer eraus huet Lëtzebuerg am Mee 2024 d'Zero Debris Charter ënnerschriwwen, déi sech fir e sécheren a nohaltege Weltraum asetzt.

*„2. Ass d'Thema vun der Nohaltegkeet a vun der Reduktioun vum Weltraumschrott en integralen Deel vun de lafende Kooperatiounsofkommes tëschent Lëtzebuerg an der Volleksrepublik China am Weltraumberäich?"*

Lëtzebuerg huet kee Kooperatiounsofkommes méi mat China am Space Beräich, dat fréiert Ofkommes ass ofgelaf. De Volet vum Space Situational Awareness (SSA) ass üblecherweis ee vun de Sujeten an den Ofkommes déi Lëtzebuerg mat anere Länner ënnerschreift.

*„3. Wéi eng konkret Schrëtt huet d'Regierung op bilateralem Niveau (mat China an anere Schlëssel-Acteuren) an op multilateralem Niveau (EU, ESA, UNO/COPUOS) ënnerholl, fir eng global Konformitéit mat de Standarde fir d'Reduktioun vum Weltraumschrott z'erreechen? »*

D'Problematik vun der Nohaltegkeet am Weltraum kann net um Niveau vun engem eenzelem Land gereegelt ginn. D'UNO ass de Kader wou dës Diskussioune stattfannen. Lëtzebuerg ass dofir och Deel vun de Aarbechtsgruppe vun der UNO déi sech mam Thema vun der Weltraum-Nohaltegkeet beschäftegen.

*„4. Wéi gëtt an de Prozedure vun der Luxembourg Space Agency (LSA) a mam Gesetz vum 15. Dezember 2020 iwwer Weltraumaktivitéite garantéiert, datt Lëtzebuerger Acteuren oder déi vu Lëtzebuerg aus autoriséiert Operatiounen international Best Practices (wéi zum Beispill d'25-Joer-Reegel fir d'Deorbitatioun) strikt respektéieren?"*

D'LSA analyséiert am Kader vun dëser Prozedur, wéi eng Standarden oder *best practices* vum Operateur benotz an appliziéiert ginn. D'Decisioun fir eng Autorisatioun ze gi läit beim Wirtschaftsminister a gëtt op enger Linn mat der Weltraum-Politik a -Strategie geholl op déi an der Äntwert op d'Fro 1 verwise gouf.

[1] https://gouvernement.lu/dam-assets/documents/actualites/2022/12-decembre/stratgie-spatiale-2023-2027.pdf

*„5. Wéi eng Investissementer an Technologië fir d'Iwwerwaachung (Space Situational Awareness, SSA) oder d'Ewechhuele (Active Debris Removal, ADR) vu Weltraumschrott ënnerstëtzt Lëtzebuerg iwwer d'LSA oder iwwer d'Finanzéierungs-Instrumenter?"*

D'Participatioun vu Lëtzebuerg an den ESAs Programmer erméiglecht d'Entwécklung vun Technologien an deene Beräicher. 5 Entreprise sinn zu Lëtzebuerg spezifesch an dëse Beräicher aktiv, dovu ginn der 3 iwwert ESA-Projete finanziell ënnerstëtzt.

Luxembourg, le 04/11/2025

Le Ministre de l'Économie, des
PME, de l'Énergie et du Tourisme

(s.) Lex Delles